## Por Öewersauer Sankt Pirmin



Bild: Elisabeth Markwiok
In: Pfarrbriefservice.de

**Gottesdéngscht doheem- 21. Juni 2020**
**12. Sonndeg am Joreskrees A**

*Virbereed vum Stéphanie Kasel,*
*Pastoralreferentin an der Por Öewersauer St Pirmin*

**Virum Gottesdéngscht**:

- *Sicht Iech eng Platz fir de Gottesdéngscht ze feieren!*
- *Maacht des Platz schéin mat engem Dëschelduch, engem Kräiz, enger Bibel, e Bild, ...*
- *Liest de Gottesdéngscht eng Kéier duerch. Wéi eng Texter wëllt Dir huelen? Wéi eng Lidder wëllt Dir sangen? Bei de Lidder ass ëmmer e Youtube Link dobäi, fir se einfach ze lauschteren. Wann Dir zu méi sidd, kënnt Dir d'Texter opdeelen.*
- *No de Gedanken zum Evangelium fannt Dir Propose fir an der Famill zesummen ze erliewen! Eventuell braucht dir e Bic an e Steck Pabeier!*
- *Lo kann de Gottesdéngscht ufänken!* 😊



**Kräizzeechen**
Am Numm vum Papp vum Jong a vum Hellege Geescht.
Amen.

**Ufankslidd:** Peuple de l'Alliance, ton Dieu te fait signe (Laudate Dominum: 111)
*Youtube:* https://youtu.be/sksOA8HIciA

**Ufanksgedanken:**

Mir kennen all dat Bild: E Papp spillt mat sengem Kand an hieft et iwwer säi Kapp an d'Luucht. D'Kand zweifelt kee Moment drun, dass säi Papp et kann halen an et net fale léisst. Kanner hunn e grousst Vertrauen, en Urvertrauen. Dat Vertrauen oder Gottvertrauen, dat eis sou e Gefill vu Sécherheet gëtt, verléieren mir leider mat der Zäit. Meeschtens fanne mir a Noutsituatiounen dat Gefill, oder d'Gewëssheet rëm, dass den Herrgott bei eis ass, eis hält, och wa mir et net spieren. Vläicht fanne mir op dësem Sonndeg deen een oder aneren Denkustouss an déi Richtung!

Gi mir ee Moment roueg a soen dem Herrgott, wat mir um Häerz hunn. Wat huet eis an der leschter Woch beschäftegt, geiergert, gekränkt, gefreet, bekräftegt, inspiréiert?

**Kyriegedanken:**

Gott,
mir sinn hei.
Wéi et eis och geet, ob mir laachen oder kräischen, ob mir frou sinn, oder eis Suerge maachen.
Du bass bei eis a pass op eis op.
Du weis eis, dass mir wichteg a wäertvoll sinn.
Dofir soe mir dir Merci, haut an all Dag!

- Jesus, du traus eis eppes zou a léiss eis an Angscht a Suerg net eleng.
  Här, erbaarm dech eiser.
  *Här, erbaarm dech eiser.*

- Christus, du häls zu eis, och wa Mënschen eis verloossen.
  Christus, erbaarm dech eiser.
  *Christus, erbaarm dech eiser.*

- Jesus, an déngen An si mir all wäertvoll a wichteg.
  Här, erbaarm dech eiser.
  *Här, erbaarm dech eiser.*

**Glorialidd**: Ehre sei Gott
*Youtube: https://youtu.be/oyqTkqAPRP0*

**Gebiet vum Dag**:

Mir soen dir Merci, Herrgott, fir dat gemeinsamt Gebiet, dat eis mat de Mënschen aus eiser Porgemeinschaft an op der ganzer Welt verbënnt.
Dofir bleif bei eis a lieweg an eis. Eleng géife mir deng frou Botschaft an d'Hoffnung, déi eis däi Wuert schenkt, vergiessen a verléieren.
Stäerk eist Vertrauen, maach eis Gemeinschaft mat dir an ënnertenee staark, duerch Christus, eise Brudder an Här.
Amen.

**Halleluja-Lidd**:
*Youtube: https://youtu.be/Gc_bEr33JoY*

Herrgott, du hues eis d'Verlaangeren no dir an d'Häerz geluecht. Maach eis lo op fir däi Wuert. Mir wëllen et lauschteren. Et soll eis Orientéierung an Hoffnung ginn.

**Evangelium**

*Aus dem heiligen Evangelium nach Matthäus.*
In jener Zeit sprach Jesus zu seinen Aposteln:
Fürchtet euch nicht vor den Menschen!
Denn nichts ist verhüllt, was nicht enthüllt wird,
und nichts ist verborgen, was nicht bekannt wird.
Was ich euch im Dunkeln sage,
davon redet im Licht,
und was man euch ins Ohr flüstert,
das verkündet auf den Dächern!
Fürchtet euch nicht vor denen,
die den Leib töten, die Seele aber nicht töten können, sondern fürchtet euch eher vor dem, der Seele und Leib in der Hölle verderben kann!
Verkauft man nicht zwei Spatzen für einen Pfennig?
Und doch fällt keiner von ihnen zur Erde
ohne den Willen eures Vaters.
Bei euch aber sind sogar die Haare auf dem Kopf alle gezählt.
Fürchtet euch also nicht!
Ihr seid mehr wert als viele Spatzen.
Jeder, der sich vor den Menschen zu mir bekennt,
zu dem werde auch ich mich
vor meinem Vater im Himmel bekennen.
Wer mich aber vor den Menschen verleugnet,
den werde auch ich vor meinem Vater im Himmel verleugnen.

Evangelium unseres Herrn Jesus Christus. Lob sei dir Christus.

**Evangelium an einfacher Sprooch**

De Jesus seet zu senge Frënn:
Vill Leit denken, dass si Muecht hunn, dass si ëmmer Recht hunn an alles dierfen.
Dir braucht virun dëse Leit keng Angscht ze hunn. Si kënnen äert Häerz net beaflossen. Gott kennt äert Häerz. Hie weess, wat an ärem Häerz ass. Gott suergt fir iech an dir sidd Gott wichteg!

De Jesus erzielt e Beispill:
Dobausse ginn et vill Spatzen. D'Mënsche fanne Spatze langweileg. Mee Gott fënnt se wichteg. Hie passt op si op.
Dir sidd vill méi wichteg wéi d'Spatzen. Bei Gott ass alles wichteg vun iech.
Dir kënnt de Mënschen weidersoen, dass dir bei Gott wichteg sidd, dass Gott ëmmer op iech oppasst, dass hien ëmmer bei iech ass, dass Gott op iech kuckt. Da freet sech Gott iwwer iech!

**Froe beim Liesen:**

Wat beréiert mech haut am Evangelium? Liest den Text nach eng Kéier a Rou duerch.

Wéi e Wuert, Abschnitt beréiert mech, wéi een ass mir friem?

"Denn nichts ist verhülltm was nicht enthüllt wird."
Wou hunn ech d'Erfarung gemaach, dass Oppenheet Vertraue bréngt, an Ängschten hëlt?

"Bei euch sind sogar die Haare auf dem Kopf alle gezählt." Hëlleft mir d'Suerg an de Bléck vum Herrgott op mech a mengen Ängschten?

"Jeder, der sich vor den Menschen zu mir bekennt, zu dem werde auch ich mich vor dem Vater im Himmel bekennen."
Wou fällt et mir schwéier, zu mengem Glawen ze stoen?
Wou geléngt et mir, mech zu mengem Glawen ze bekennen?

Wéi eng Glawenserfarung wëll ech an dëser Zäit mat aneren deelen?

*Ofschloss vun dësem Impuls*: Fir dem Herrgott säi Wuert an der Bibel, fir dem Herrgott säi Wuert ënner an an eis, dofir soe mir Dir Merci!

**Gedanken zum Evangelium**

Léif alleguer

Wann ech Iech no den Dream-Teame vun dëser Welt froen, wéi eng géifen Iech dann afalen? Vläicht Bonnie a Clyde, den Decken an den Dënnen, de Mario an de Luigi, den Don Camillo a Peppone? Oder de Peter Pan an d'Tinker Bell, de Ken an d'Barbie, de Schlumpf an d'Schlumpfine? Oder du an däi beschte Frënd oder deng beschte Frëndin?

Wat ass en Dream-Team a wat mécht et aus? Wat ass dat besonnescht drun? Am Duden kann ee liesen: "ideales, ideal zusammengesetztes Team, Gespann" Deen Ausdrock gëtt och oft am Mannschaftssport gebraucht fir eng Ekipp, déi super zesumme funktionéiert an doduerch Erfolleger feiert. Also de Géigendeel vun deem wat heiansdo scherzeshalber als Definitioun vun Team gebraucht gëtt: Toll, Ein Anderer Macht's (den Ufanksbuschtaf vun all Wuert gëtt dat Wuert Team). Nee, sou en Dream-Team ass ee perfekt agespilltent Team.

Wann een dat bis an d'lescht duerchdenkt, dann mierkt een, dass hei an do awer iergendwéi eppes ass, wat net sou klappt. Ee vum Dream-Team huet vläicht e schlechten Dag, a dann ass schonn den Hick dran. Mee wat wier, wann et ee géif ginn, dee seng Roll an der Bezéiung vum Dream-Team ëmmer géif iwwerhuelen? Een, deen eis nie enttäuscht an och nie fale léisst; een, deen ëmmer hannert eis steet an op deem säi Wuert mir eis verloosse kënne. Dat wier dach de perfekte Partner fir en Dream-Team ze bilden.

Sécher ass schonn opgefall, ween ech mengen. Gott. Hie bleift eis trei. An der Bibel geet et vun der éischter Säit bis op déi leschten em dëst Thema. Gott wëll mat dir en Dream-Team sinn. Mat him an der Ekipp brauche mir keng Angscht ze hunn. Well wéi d'Teresa vun Avila seet: "Gott und ich. Wir sind immer in der Mehrheit." Am Evangelium vun haut liese mir ausserdeem, dass den Herrgott zu eis steet, a mir sinn onheemlech wäertvoll fir hien: "Ihr seid mehr wert als viele Spatzen." Hie respektéiert eis an hëlt eis sou wéi mir sinn. Villes schwätzt einfach fir Gott als ideale Partner an mengem Dream-Team.

Firwat net mol probéieren, op Gott a méngem Dream-Team ka sinn.

Amen.

**Fir an der Famill ze auszeprobéieren: (aus de verschiddenen Ideen rauswielen, wat Dir maache wëllt)**

- *Komplimenterdusch:*
Jidderee seet, wat hien un deenen Aneren, déi hei zesummesetze, wäertvoll fënnt, wat hien un him schätzt a wat hien onverwiesselbar mécht.

- *Wee kennt mech am beschten:*
Jiddereen hëlt e Blat Pabeier an eppes fir ze schreiwen. Eng Persoun fänkt un a stellt deenen anere Froen iwwer sech selwer. Zum Beispill: Wat ass mäi Lieblingsiessen? Wat ass meng Lieblingsfaarf? Wat ass mäi Lieblingsdéier? Wéi e Schoulfach hunn ech am léifsten? Viru wat hunn ech Angscht? Iwwer wat muss ech laachen? ...

Jidderee schreift seng Äntwert op de Pabeier an dono ginn d'Äntwerte matenee verglach. Dann ass déi nächste Persoun drun.

- *Ween ass dat oder dee Besseren - Duell*
Zwou Persoune setze sech mam Réck widdereneen. Déi aner stellen deenen zwee eng Fro, bei där déi zwee sech entscheede mussen, wéi eng Ausso op ween éischter zoutréfft. Als Äntwert gëllt en Handzeechen: Fanger an d'Luucht bedeit: ech. Beispiller vu Froen: Wee schléift am längsten? Wee ka méi Nuddelen iessen? Wee ka besser kachen? Wee schmust méi oft? Wee ka méi laang e Buch kucken? Wee séngt/danzt léiwer? ...

*Ofschlossgedanken:* "Bei euch aber sind sogar die Haare auf dem Kopf alle gezählt. Fürchtet euch also nicht! Ihr seid mehr wert als viele Spatzen." Gott kennt eis ganz genau an huet eis gär sou wéi mir sinn!

**Lidd**:
*Youtube: https://youtu.be/Kr07Yqw7zew*

**Glaawensbekenntnis**:

Well d'Glaawensbekenntnis dat ausdréckt, u wat mir all gleewen, dofir verbënnt eis dëst Gebiet op eng ganz besonnesch Aart a Weis. An deem Sënn biede mir zesummen:

Ich glaube an Gott,
den Vater, den Allmächtigen,
den Schöpfer des Himmels und der Erde,
und an Jesus Christus,
seinen eingeborenen Sohn, unsern Herrn,
empfangen durch den Heiligen Geist,
geboren von der Jungfrau Maria,
gelitten unter Pontius Pilatus,
gekreuzigt, gestorben und begraben,
hinabgestiegen in das Reich des Todes,
am dritten Tage auferstanden von den Toten,
aufgefahren in den Himmel;
er sitzt zur Rechten Gottes, des allmächtigen Vaters;
von dort wird er kommen zu richten die Lebenden und die Toten.
Ich glaube an den Heiligen Geist,
die heilige katholische Kirche,
Gemeinschaft der Heiligen,
Vergebung der Sünden,
Auferstehung der Toten
und das ewige Leben.
Amen.

**Fürbitten**:

Vill vun eis sinn an de leschte Méint mam Gefill vun der Angscht an der Ongewëssheet konfrontéiert ginn. Bei Christus, deen eis ëmmer Courage gëtt, komme mir mat eise Fürbitten:

- Fir all déi, déi an der Kierch duerch hier Verkënnegung anerer an hirem Gottesvertrauen bestäerken.
Christus, héier eis. Christus, erhéier eis.

- Fir all déi Mënschen, déi an dëser Krisenzäit ënner schwierege Liewensbedingunge leiden.
Christus, héier eis. Christus, erhéier eis.

- Fir all déi, déi an hirem Vertrauen zu aneren enttäuscht gi sinn an déi sech nëmme schwéier géinteniwwer aneren opmaache kënnen.
Christus, héier eis. Christus, erhéier eis.

- Fir eis selwer, dass mir un deng Botschaft vun der Léift vum Herrgott gleewe kënnen an eist Bescht ginn fir dono ze liewen.
Christus, héier eis. Christus, erhéier eis.

- De nächsten Dënschdeg feiere mir Nationalfeierdag. Mir biede fir all Leit hei zu Lëtzebuerg, sief et an enger verantwortungsvoller Positioun a Politik oder Wirtschaft oder ganz normale Bierger, dass jidderee säi Bescht gëtt fir dass Solidaritéit a Mënschlechkeet an eisem Land kënne groussgeschriwwe ginn.
Christus, héier eis. Christus, erhéier eis.

- Fir eis léif Verstuerwen, dass si an denger Eiwegkeet gebuerge sinn.
Christus, héier eis. Christus, erhéier eis.

*Hei ka jidderee seng perséinlech Fürbitte nach afügen!*

Christus, du hëlls eis serieux. Mir vertrauen dir a soen dir merci, haut an all Dag vun eisem Liewen. Amen.

**Lidd**: Christ aujourd'hui nous appelle (Laudate Dominum: 102)
*Youtube: https://youtu.be/kcAQO9zUmpM*

**Vaterunser:** Mir bieden zesummen!

Vater unser im Himmel
Geheiligt werde dein Name.

Dein Reich komme.
Dein Wille geschehe,
wie im Himmel, so auf Erden.
Unser tägliches Brot gib uns heute.
Und vergib uns unsere Schuld,
wie auch wir vergeben unsern Schuldigern.
Und führe uns nicht in Versuchung,
sondern erlöse uns von dem Bösen.
Denn dein ist das Reich
und die Kraft und die Herrlichkeit
in Ewigkeit. Amen.

**Meditatiounstext**:

Barmherziger Jesus, ich vertraue auf Dich!
Nichts soll mich mehr ängstigen und beunruhigen.

Ich vertraue auf Dich früh und spät, in Freuden und Leiden,
in Versuchungen und Gefahren, im Glück und Unglück,
im Leben und Tode, für Zeit und Ewigkeit.
Ich vertraue auf dich beim Gebet und bei der Arbeit,
bei Erfolgen und Misserfolgen, im Wachen und Ruhen,
bei Trübsal und Traurigkeit,
ja selbst in meinen Fehlern und Sünden
will ich unerschütterlich auf Dich vertrauen.

Du bist ja der Ankergrund meiner Hoffnung,
der Stern meiner Wanderschaft,
die Stütze meiner Schwacheit,
die Verzeihung meiner Sünden,
die Kraft meiner Tugend,
die Vorstellung meines Lebens,
der Trost meiner Sterbestunde,
die Freude und Wonne meines Himmels.

Barmherziger Jesus, Du starke Ruhe und sichere Burg meiner Seele,
vermehre mein Vertrauen und vollende meinen Glauben an Deine Macht und Güte.
Amen.
*(Schwester Faustina Kowalska)*

**Lidd**: Gottes guter Segen sei mit euch (Laudate Dominum: 612)
*Youtube: https://youtu.be/u6Hya0TJjtE*

**Segensgebiet**:

Guter Gott, Du bist ein Gott des Lichts.
Leuchte mit deinem Licht über uns.

Lass uns Deine Kraft spüren
und Deine Stimme hören,
wenn Du uns sagst: Ich bin für Dich da.
Lass uns aufstehen,
wenn Traurigkeit und Mutlosigkeit unser Leben lähmt.

Lass uns Deine Kraft spüren
und Deine Stimme hören,
wenn Du zu uns sagst: Ich will, dass Du lebst.

So bitten wir Dich:
Segne uns und die Menschen, die wir lieb haben.

Im Namen des Vaters und des Sohnes und des Heiligen Geistes. Amen. *(Kräizzeechen)*

*Als besonnesche Segensgeste kann och een deem aneren e Kräiz op d'Stier maachen.*

**Uergel:** https://youtu.be/I8unH4U1K7g

## Mir wënschen Iech e schéine Sonndeg an eng gutt Woch!

Fir ze kucken an ze molen!
Op der nächster Säit ass e Rätsel, wat mat dësem Sonndeg ze dinn huet! Vill Spaass!



Auf dem Bibelbild siehst du wie Jesus mit seinen Freunden spricht. Aber was sagt er ihnen?

Die Tiere helfen dir, die Antwort zu finden:
Die Zahl gibt an welchen Buchstaben des Tiernamens du für die Lösung brauchst.

 1  3  1  7

 9  4  2  1  4

 2  6  1  1  2

_ _ _ _   _ _ _ _ _   _ _ _ _ _!

Denn ich bin immer bei euch!

Wenn ihr die Lösung nicht herausfindet, könnt ihr mir gerne eine Sms schicken: 691474402 (Stéphanie Kasel)! 😉